

Or, rien n'est jamais définitivement acquis. Mais avec la passion qui anime tous les acteurs de la coopération ainsi que votre Chambre, j'aimerais conclure avec une citation de Saint-Exupéry: «Ce qui sauve, c'est de faire un pas. Encore un pas. C'est toujours le même que l'on recommence.»

Je vous remercie de votre attention.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vun der Deklaratioun vum Här Minister Charel Goerens. D'Diskussioun iwwert den Exposé fënnt statt an der Sitzung vu muer Mëttwoch, den 18. Februar.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5235, en Of-kommes tëschent der Europäescher Unioun an der Republik Südafrika. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Emile Calmes.

6. 5235 - Projet de loi portant approbation de l'Accord sur le commerce, le développement et la coopération entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et la République d'Afrique du Sud, d'autre part, et de l'Acte final, signés à Pretoria, le 11 octobre 1999

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn et bei deem Projet de loi mat engem Accord ze dinn, wou et ëm Handel, Entwécklung a Kooperatioun geet tëschent der Europäescher Communautéit an hire Memberstaten an der Republik Südafrika. Deen Accord ass den 11. Oktober 1999 zu Pretoria ënnerschriwwen ginn. Am Juli 2003 huet de Statsrot e kritt fir en Avis ze ginn. Deen Avis koom de 27. Januar vun dësem Joer eran. Gëschter ass dee Rapport dann an der zoustänneger Kommissioun festgehalen ginn, esou datt et awer emol kloer ass, datt et net un der Chamber louch, datt et esou laang gedauert huet, bis den Accord hei konnt ratifizéiert ginn.

Mat der Republik Südafrika hu mer et mat engem Land ze dinn, wat 44 Milliounen Leit huet. Et ass dat Fënneftgréisst vum afrikanesche Kontinent. Vun der Populatioun si 76% Schwaarzer, nëmmen 11% Wäisser, 9% Mischlingen a 4% Asiaten.

Och wann d'Land op den éischte Bléck mat praktesch alle modernen Infrastrukturen ausgestatt ass, ass et awer esou, datt et schrecklech Ënnerscheeder gëtt an deem Land beim Verdeele vum Räichtum. Et gëtt nämlech 14 Milliounen Leit an deem Land, déi iwwerhaapt kee Revenu hunn, schrecklech aarm sinn. 60% hunn iwwerhaapt keen Zougank zum fléissende Waasser, 30% hu keen Elektréisch. Dësen Aarmutt betrëfft haapt-sächlech déi schwaarz Populatioun. D'Ursaach ass déi, datt bis 1994 den Apartheidsregime a Südafrika gegollene huet, wou een dann och weider keng Explikatiounen muss ginn.

Zënter der fräie Wahle vun 1994, an zënter deem datt den Nelson Mandela deemools un de Pouvoir komm ass, schéngt et awer biergop ze goen. Trotz deem huet dat Land mat enorme Problemer ze dinn, mat enger onkontrolléierter Immigratioun. Den Haaptproblem ass och dofir de Chômage mat 40%.

En zweete Problem, dee ganz grouss ass, ass dee vum Aids. Et gëtt net manner wéi 5 Milliounen

Séropositiver a Südafrika. Et si 600.000 Weesekanner doduerch betraff. Et sinn also 11% vun der Populatioun, déi heirenner falen. Et gëtt och eng Millioun krank Leit, déi net kënne behandelt ginn, well net genuch Infrastrukturen do sinn, fir dat ze maachen.

Wann een d'Geschicht vu Südafrika kennt, da weess een, datt dësen Accord den Aboutissement ass vun der Normalisatioun vun de Relatiounen tëschent Europa a Südafrika, déi 1990 mat der Fräi-loossung vum Mandela ugaangen ass, a wou et och duerno am Joer 1994, no de fräie Wahlen, zu dem éischten Accord tëschent der Europäescher Gemeinschaft a Südafrika konnt kommen.

Wann een d'Situatioun a Südafrika kennt, esou wéi ech se elo beschriwwen hunn, da versteet een och, datt den Accord hei e Caractère mixte huet, dat heescht, op där enger Säit geet et ëm kommerziell Aktivitéiten, fir déi d'Europäesch Communautéit kompetent ass, an op där anerer Säit geet et ëm Entwécklung a Kooperatioun, wou dann déi eenzel Länner zoustänneg sinn. Et ass och den éischten Accord vun dësem Genre, den net fir en zukünfteg europäesch Adhäsionsland gëllt, respektiv fir e Land wat am Mëttelmeerraum läit.

D'Zil vun dësem Accord ass et eng fräi Handelszon an der europäescher Gemeinschaft an a Südafrika anzerlichten, déi natierlech asymmetresch ass, dat heescht, Europa mécht sai Maart éischter op wéi Südafrika. Et soll progressiv virgaangen ginn, an déi lwwergankszäit, maximal zéng Joer, ass fir op de südafrikanesche Maart ze kommen. Emgéiert gëllen allerdéngs zwee Joer, fir esou Südafrika méi laang Zäit ze ginn, fir sech der Situatioun unzepassen.

Haut scho mécht den Handel tëschent den Europäesche Communautéiten a Südafrika 40% vun den Importer an den Exporter tëschent Südafrika an Europa aus. 70% vun allen auslänneschen Investitiounen, déi a Südafrika getätigt ginn, kommen aus europäesche Länner. Domadder ass Südafrika dann och dee fofzéngtgréissten Handelspartner mat der Europäescher Gemeinschaft, an 2/3 vun allem Handel, dee mat Südafrika bedriwwen gëtt, maachen den Undeel aus vun deem Handel, dee mat den AKP-State gemaach gëtt, wou Südafrika dat 71. Land ginn ass zënter 1998.

Deen Accord begräift praktesch all wirtschaftlech Domänen, virun allem awer och déi vun der Landwirtschaft. 75% vun alle landwirtschaftleche Produkter falen ënnert dësen Accord, 13% net, an op een Hoer no wier dësen Accord dunn nach 1999 gescheitert, weinst engem Net-Accord um Niveau vum Wäin an de Spirituosen. Et ass hei nämlech ëm de Gebrauch vun den Nimm wéi Porto, Grappa, Sherry an esou weider gaangen, déi Südafrika bis dohinner gebraucht huet an och um internationale Maart vermaart huet, an d'Länner aus Südeuropa hu gefaart, datt hei e Präzedenzfall géif virleie bei zukünftegen internationale Verhandlungen an dofir verlaangt, datt Südafrika dës Nimm net dierf gebrauchen. Et soll dorop dann en neien Accord fonnt ginn, dat heescht de Sträit ass bis op Weideres bäigeluecht ginn.

Den Accord begräift natierlech och eng Partie Hëllefë säitens der Europäescher Gemeinschaft fir Südafrika, esouwuel um Niveau vum Programme européen de reconstruction et de développement op där enger Säit. Op där anerer Säit kann dat Land dann awer och vu Prête vun der Banque européenne d'Investissement profitéieren, wat haapt-sächlech fir den Ausbau vu Servicer gëllt, virun allem am Gesondheetsberäich, an op där anerer Säit awer och fir Basisinfrastrukturen ze maachen um Niveau vum Waasser a vum Stroum.

D'Struktur vun deem Accord ass, datt en 109 Artikelen huet, 10 Annexen, 2 Protokollen, en Acte final,

14 gemeinsam an unilateral Deklaratiounen, a begräift natierlech all Prinzipien, ënner anerem och, datt déi demokratesch Prinzipien musse respektéiert ginn. Et ass och e Conseil de Coopération, den den Accord hei begleet. Deen Accord ass op onbegrenzt geschriwwen ginn, allerdéngs kann en no fënnef Joer iwwer eng Clause d'examen ënnersicht a verbessert ginn. Niewent där Clause do ginn et awer och nach eng Partie aner Clausen, notament d'Clause de non-exécution, dat heescht, wann ee vun deenen zwee eng Dispositioun net géif respektéieren, wou dann dee ganzen Accord erëm kënnt diskutéiert ginn. Och eng Clause sur le développement future, wou u sech d'Konditiounen geregelt sinn, ënner wat fir enger Form déi nei europäesch Länner dann hei matmaachen.

Lëtzebuerg huet och Relatiounen mat Südafrika. Am Joer 2002 huet Lëtzebuerg a Südafrika fir 15 Milliounen Euro exportéiert, a mir hu fir annerhallef Millioun aus Südafrika a Lëtzebuerg importéiert, virun allem awer si mer aktiv um Niveau vun der Kooperatiounspolitik. Am Kader vun enger bilateraler Kooperatioun ënnerstëtzt Lëtzebuerg eng Partie Gesondheetsprojeten a Südafrika. Enner anerem bedeelege mir eis mat 1,7 Milliounen an der Renovéierung an um Ënnerhalt vun engem Spidol. Mir ënnerstëtzen och eng Géigend a Südafrika fir véier Milliounen wat d'Gestioun an d'Planifikatioun vun engem ganze Gesondheetssektor ugeet.

Da bedeelegt sech Lëtzebuerg un engem Projet vun engem landwirtschaftleche Lycée fir zwou Milliounen an net zulescht ënnerstëtzt Lëtzebuerg eng ONG, déi do ënnen d'Wärter vun demokratesche Prinzipien a Mënscherechter verteidegt.

Ech mengen, all dës Dispositiounen si ganz sécher am Sënn vun dësem Accord an an deem Sënn géif ech lech invitéieren dësem Projet de loi Ären Accord ze ginn, wat ech dann och maache fir eis Fraktioun, an ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, ech hunn nach d'Ried an den Oueren vum Nelson Mandela am Juni 1990 virum Europaparlament, kuerz nodeem datt den Apartheidsregime a Südafrika ofgeschafft gi war, an datt dat Land ugefaangen huet sech eng demokratesch an och eng villrassesch Struktur ze gi fir eben an en neien Zäitalter anzetrieden. Deen Accord hei vun der Europäescher Unioun mat Südafrika ass de Beitrag vun Europa fir Südafrika ze hëllefen, en demokratescht Land weiderzuentwéckelen, wirtschaftlech a politesch Stabilitéit ze kréien a sech no Normen ze dévelloppéieren wéi mir se kennen. Dofir ass den Accord hei en äusserst wichtigen.

Ech ginn net op Detailler an, de Rapporteur, den Här Emile Calmes, huet ganz prezis a gutt duergeluecht wat an deem Accord dran ass, mä et muss ee vläicht awer déi eng oder déi aner Saach rappelléieren.

Éischstens emol ass dat den éischten Accord, den d'Europäesch Unioun mécht mat engem Land wat weder Kandidat ass fir d'Accessioun nach e Land aus dem Bassin euroméditerranéen. Et ass wierklech en Accord dee ganz wäit geet, mat engem Land wat ganz wäit ewech vun eis ass a mat deem mer eigentlech eng Zone de libre échange wellen opbauen. Dat ass eng ganz grouss Partikularitéit

vun dësem Accord. Mat kengem anere Land an der Welt hu mer esou eng Zort Accord. Vläch kommen der nach no. Mä ech mengen dat ass och duerch déi Spezifisitéit vu Südafrika, duerch déi Geschicht vu Südafrika, vun dem Wee aus der Apartheid an d'Demokratie an an d'Stabilitéit.

En aneren Aspekt, dee wichteg ass an dësem Accord, dat ass, dass mer vun enger ganz asymmetrescher Situatioun ausginn, dat heescht dass Europa a seng Exporter an Importer vill méi wichteg si fir Südafrika wéi Südafrika fir Europa. Et ass also eng Situatioun wou den ee Partner, d'Europäesch Unioun, riseg vill méi Gewiicht huet wéi den anere Partner Südafrika, obschonn ee muss soen, dass dat Südafrika do ganz vill Potenzialitéiten huet, ganz vill Méiglechkeeten vun Entwécklung, an dass natierlech net nëmmen de politeschen Aspekt zielt, mä och de wirtschaftlechen Aspekt. Dat do gëtt eng Kéier e ganz wichtige Wirtschaftspartner vun Europa. Mä ech mengen schonn, dass ee ganz wichtigen Aspekt eben den ass vun der politescher Stabilitéit a vun der Hëllef fir d'Demokratie a Südafrika ze dévelloppéieren.

Et muss een och soen, dass jo Südafrika an Afrika eng regional Muecht ass an dass se sech selbstverständlech och ebe mat deene Länner ronderëm ophält, mä dass dat Südafrika an Afrika selwer ëmmer méi eng grouss Roll spillt andass och déi Diplomatie vu Südafrika an der ganzer Welt eng wichteg Roll spillt.

Ech erënnere drun, dass zum Beispill d'UNO e Sommet a Südafrika am Joer 2000 iwwert den Aids organiséiert huet, dann e Sommet am Joer 2001 iwwert de Rassismus, dann e Sommet iwwert d'Afrikanesch Unioun am Joer 2002 stattfonnt huet, an dann erënnere ech och un de Weltsummet iwwert d'Äerd zu Johannesburg am Joer 2002. Dat si markant Etappen an der Geschicht vun der Globalisatioun a vun der globaler Regulatioun, déi d'UNO an deem Land ebe lokaliséiert huet. Dat ass net fir näischt gewiescht, well Südafrika eng gewëssen Autorité morale huet vis-à-vis vum Rescht vun der Welt, eben duerch déi Geschicht, duerch dat lwwerwanne vun der Apartheid an duerch dat Opbaue vun enger toleranter, multirassescher Gesellschaft. Dat ass, mengen ech, e wichtigen Hannergrond fir dee ganzen Accord hei, dee mer sollen am Kapp behale wa mer den Accord stëmmen.

Selbstverständlech ass dat hei, wat mer an der Chamber soen, ech well net soe Moutarde après diner, mä et ass eigentlech alles gelaf. Den Accord, wéi gesot, ass 1999 ënnerschriwwen ginn. En ass schonn zu engem gudden Deel am Joer 2000 a Kraaft getratt, op jidde Fall dat wat d'exklusiv Kompetenze vun der Europäescher Unioun am Handel ugeet, an et ass trotz deem, ech well dat nach eng Kéier wéi mäi Fraktiounsresident hei soen, erstaunlech, dass mir elo déi Lescht si fir den Accord ze ratifizéieren. Ech géing wierklech en Appel maachen un den Ausseministère, dass mer awer déi Saachen net esou laang trëlle loosse, well et ass keng Ursaach fir dat esou laang sinn ze loosse. Dat hei ass am November 2003 déposéiert ginn. De Statsrot huet relativ schnell säin Avis gemaach, en Avis vun zwou Säiten, an d'Chamber huet jo och Diligence gemaach. Ech verstü wierklech net, firwat dass dat bis den November 2003 gedauert huet fir den Accord hei ze déposéieren. Ech mengen, do misst ee sech am Ausseministère vläch emol Froe stelle wéi ee mat esou Texter ëmgeet.

Dat gesot, Här President, wëlle mir selbstverständlech deem Accord hei zoustëmmen. Mir fannen, dass et e wichtigen Accord ass an dass en och fir Lëtzebuerg ka ganz interessant ginn, well Lëtzebuerg kann och en interessanten Handelspartner ginn. Mir hu jo och eng

Kooperatioun mat deem Land. Et verbënnt eis also munches domat, a mir droen heimat als Europäesch Unioun wéi och als eenzelt Land zu dem Développement an der Demokratie a Südafrika bäi.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Claude Wiseler.

M. Claude Wiseler (CSV).- Merci, Här President, et war u sech just fir ze soen, dass dat hei effektiv e besonneschen Accord ass, e besonnesch wichtigen Accord, net well en eppes anescht beinhalt wéi eng ganz Rei Accorden, déi d'Europäesch Unioun scho gemaach huet, mä ganz einfach, wéi et elo scho gesot ginn ass, well Südafrika och eng besonnesch Geschicht huet. Och an deene leschten 20, 30 Joer konnt een déi Geschicht an den Zeitungen, op den Norichte verfolge, a si huet einfach dee symbolträchtige Charakter a sech, well mer eben de Wee vun der Apartheid bis zu enger Demokratie, déi eng gewësse Stabilitéit elo um afrikanesche Kontinent huet, suivéiert hunn, well mer dee mat noverfollegt hunn. Dofir ass et iwwert dat ganz Technesch vum deem Accord eraus e symbolträchtigen Accord, den eng Wichtigkeet huet.

Zweetens, wéi den Här Fayot et richtig erkläert huet, well et och ee vun deenen eenzegene Accorden ass, déi d'Europäesch Unioun iwwer Europa, iwwert d'Bäitrettslänner eraus selwer mécht. Ech well also net op dat Technesch agoen, well dat huet den Här Calmes an allen Detailler richtig hei op der Chambertribün erkläert, grad esou wéi et a sengem Rapport steet. Dofir soen ech him villmools merci an ech gi selbstverständlech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Accord.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Henckes huet d'Wuert gefrot.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech well och dem Rapporteur félicitéieren a merci soe fir säi mëndlechen a schrëftlechen Bericht, den hien huet misse a ganz rapider Zäit fäerdeg bréngen. Et ass ee vun deenen zähräichen, awer och vun deene ganz wichtigen Accorden, dee mer haut sollen aviséieren an iwert dee mer sollen ofstëmmen. Ech bedauern, datt mer als Land dat leschte Land si wat den Accord do ratifizéiert, a jiddferen weess, datt d'Accorden nëmmen dann hir Gültgekeet hunn, wann déi 15 Länner se mat ënnerschriwwen hunn. Doduerjer datt mer dat esou spéit ugaange sinn, ass et evident, datt den Accord vill méi spéit zum Droe kënnt wéi dat de Fall hätt kënne sinn. Ech hoffen, datt an Zukunft, wann d'Madame Ausseministerin an d'Ausland geet, datt se net den Abléck eréischt kuckt, wat fir eng Accorden nach duerch d'Chamber sollen a musse goen.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Da ka se lech mathuelen. Da geet et besser.

(Interruptions diverses)

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Ech kann lech op jidde Fall soen, ech géing kucke fir an dësem Stadium awer éischter roueg ze sinn, wollt ech dem honorablen Här Rippinger soen, well ech mengen et wär awer besser, d'Madame Ministerin géing hir Aarbecht maachen en temps utile.

(Brouhaha général)

Dat wat een hei muss festhalen ass, datt den Accord ganz wichtig ass fir Europa. Et war och, menger Meinung no, keene Accord den ee liichtens konnt fäerdeg bréngen, well um Niveau vun den

Agrarprodukter munech Länner hei an Europa hir Bedenken haten, mä et muss een och ervirsträichen, datt Südafrika eent, wann net dat Land ass, wat wirtschaftlech gesinn am wäitste fortgeschratt ass, an et muss een hoffen, datt duerch deen Accord, dee mer elo stëmme wäerten, deen Abléck wou deen Accord och um ganzen europäesche Plang duerchgezu ka ginn, datt dee Phénomène d'attraction, dee Phénomène phare vu Südafrika nach weider amplifiéiert gëtt, an datt déi aner afrikanesch Länner sech dorunner kënnen inspiréieren. Dat gesot, ginn ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu deemem Projet.

■ **Une voix.-** Très bien.

■ **M. le Président.-** D'Wuert huet nach gefrot den Här Serge Urbany.

■ **M. Serge Urbany (déi Lénk).-** Dir Dammen an Dir Hären, während Jorzéngten ass a Südafrika e schlussendlech erfollegräiche Widerstand géint den Apartheidsregime gefouert ginn. Den Nelson Mandela gouf éischte President vun deem neie Südafrika, nodeem en am Joer 1990, no jorzéngtelaanger Haft weinst angeblech terroristeschen Aktivitéite géint d'Herrschaft vun deene Wäissen, fräigelooß gouf.

Endlech huet déi schwaarz Majoritéit vu 76% vun der Bevölkerung d'Wahlrecht kritt. Si huet déi wäiss Minoritéit dorobberhin net ënnerdréckt. A Südafrika ass ee Stéck Geschicht vum 20. Jorhonnert geschriwwen ginn. D'Kontributioun vun Europa a besonnesch vu Lëtzebuerg zum Fall vun der Apartheid war net ëmmer op der Héicht vun den Erfuerdernissen an och net op der Héicht vun de Sanktiounen, déi vun der UNO verhaange goufen, an déi vun der Majoritéit vun de Südafrikaner selwer an och vun der Anti-Apartheidsbewegung an der ganzer Welt ënnerstëtzt goufen.

Esou huet d'Bankeplaz Lëtzebuerg eng wichteg Roll beim Vergi vu Kreditter un den Apartheidsregime während laanger Zäit gespilt. Lëtzebuerg war och ee vun deene wichtigsten europäeschen Handelszentre mat südafrikanesche Goldmënz, dem sou genannte Krügerend. Dee gréisste südafrikanesche Konzern, tätég ënner anerem am Gold- an Diamantenhandel, huet d'Holding Minorco zu Lëtzebuerg gegrënnt, fir seng Auslandsinvestitiounen ze koordinéieren. D'ARBED huet den Import vu südafrikanescher Steekuel nach 1987 vervéierfacht. D'Luxair huet mat Apartheid-Kapital eng extra Firma, d'Luxavia, gegrënnt, fir bëlle a Südafrika ze fléien, an och Uebst an aner Liewensmëttel si während där Zäit an Hülle a Fülle heihinner importéiert ginn.

Lëtzebuerg hat seng wirtschaftlech Bezéiungen zu Südafrika am Géigesaz zu anere Länner, Här President, also während der Apartheid ni ënnerbrach. D'wirtschaftlech Interesse vu Lëtzeburger Firmen hunn dobäi predominéiert.

Dat virusgeschéckt, ass et natierlech kloer, dass haut d'wirtschaftlech Bezéiunge mat deem neie Südafrika wichteg an nützlich sinn. Wat geschitt haut? Haut solle mer een Accord vun 1999 tëschent den EU-Länner a Südafrika stëmme, deen déi Bezéiunge regele soll. En ass natierlech vu Südafrika selwer approvüert ginn. Mä ass en och am Interesse vun de bëidsäitege Bezéiungen? Et handelt sech hei en gros ëm e Fräihandelskommen, dat virun allem dee südafrikanesche Maart an d'Weltwirtschaft abanne soll - dat steet ausdrécklech esou an deenen Texter dran - an zwar no de Regele vun den internationalen Handelsokkommen, zum Beispill dem Dëngschtleeschtingofkommen GATS, iwwert dat mer hei jo schon d'Geleeënheet haten ze schwätzen.

Den Accord soll och de Schutz vu privaten Investissementer an

d'Schafung vun engem wettbewerbsfrëndlechen Ëmfeld garantéieren, grad esou wéi d'Aschränkung vun öffentlechen Hëllef. E versteet an der Entfaltung vun deene Wirtschaftspoliticken ausdrécklech dee wichtigste Bättrag zur Entwécklungshëllef.

Dobäi weist de Rapport vun eiser Kommissioun awer zu Recht drop hin, dass a Südafrika d'Aarbechtslosgkeet haut 40% bedréit, dass 60% vun de Stéit keen Zougank zum fléissende Waasser hunn an 30% vun de Stéit keen Zougank zum Elektreschen. E weist och op de gravë Problem vum Aids hin. De Statsrot ënnersträicht och, dass bis elo innerhalb vun der Welthandelsorganisatioun den Zougank vun den afrikanesche Länner zu bëlleger Anti-Aids-Medikamenter net konnt gesécheren an net konnt geregelt ginn, an dat bleift wouer, och wa kierzlech e beschränkten aussergerichtlechen Accord zwëschen enger Partie Länner an enger Partie Konzern an där wichtiger Fro konnt getraff ginn, deen awer bäi wäitem net wäit genuch geet.

Et ass fir eis kloer, dass de Wirtschaftsliberalismus net nëmme all déi Problemer, déi bestinn, net léise kann, mä wäitgehend zum Entstoan an zur Verdéiwung vun deene Problemer bäidréit. Ech wëll net soen, dass et sech hei ëm Neokolonialismus handelt. Mä et handelt sech op d'mannst awer, Här President, ëm äusserst ongläich wirtschaftlech Bezéiungen, un deenen allerdéngs och a Südafrika gewese Schichten en Interesse hunn. Ech mengen awer, dass nëmme eng Politik vun der gläicher Entwécklung, déi d'Aarmutt op der Plaz selwer ofbauen hëllef, och am Interesse vun eise Länner hei ass. Ongläich Entwécklungen, ervirgeruff duerch international Kapitalstréim, provozéieren a verschäerfen och zum Beispill d'Migratiounen aus ekonomesche Grënn.

Ech wëll soen, dass ech dee Projet hei net wäert stëmme. Ech wäert mech dobäi enthalen, well ech fanne, dass dee Projet hei déi Efforten, déi zum Deel bestinn an déi och noutwenneg sinn...

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

..., wat eng wierklech Kooperationspolitik ugeet, wéi se elo virdru vum Minister a senger laanger Ried iwwert d'Kooperatioun hei ëmrass ginn ass, dass dee wirtschaftlechen Accord hei zum Deel riskéiert déi wichteg an nützlich Efforten erëm eng Kéier a Fro ze stellen. Ech wëll also nach eng Kéier betounen, dass ech mech bei deemem Projet hei enthalte wäert.

■ **M. le Président.-** D'Wuert huet elo den Här Minister Charel Goerens.

■ **M. Charles Goerens, Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt dem Rapporteur merci soe fir säin ausféierleche Bericht, seng schréfflech a seng mëndlech Aarbecht, ugeräichert vun de Remarken a Suggestiounen, déi gemaach gi si vun de Riedner duerno an iwwregens all Commentaire.

Ech wollt just eppes soen zum Rétablissement vun der Wouerecht, Lëtzebuerg ass net dat eenzegst Land wat net ratifizéiert huet. Ech kréie grad aus enger Note signaliséiert, déi op den 3. Februar zréckgeet, datt och nach Frankräich net ratifizéiert huet. Et ass awer gutt, dass d'Chamber dem Wonsch vun der Regierung nokomm ass, fir déi Aarbechten hei schnell ze maachen. Ech wollt hir duerfir merci soen an och recommandéiere fir dee Vote hei positiv ausgoen ze loossen.

■ **M. le Président.-** D'Diskusioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 5235 a stëmme driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann elo zum Vote iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmme an enger Abstentioun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weller et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M John Schummer), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Mars Di Bartolomeo) et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

S'est abstenu: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5108 iwwert den Assurancësektor. Et si bis elo agedroen déi Häre Krecké a Graas. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Norbert Hauptert.

7. 5108 - Projet de loi relatif à l'assainissement et la liquidation des entreprises d'assurances et modifiant la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

■ **M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet, dee mer hei virleien hunn, gesäit d'Ëmsetzung vun dräi euopäeschen Direktive vir.

Un éischter Stell transposéiert de Projet een Deel vun der Direktiv iwwert d'Autoshafflicht. De gréissten Deel vun där Direktiv hu mer jo schon am Gesetz vum 16. Abrëll 2003 iwwert d'Haftpflicht vun den Autoen ëmgesat. Deemoools hu mer awer gesot, datt deen Deel iwwert déi Direktiv, wat de Représentant

vun enger Gesellschaft, dee sech am Ausland iwwert d'Regelung vun de Schied misst bekëmmere, an en allgemengt Gesetz iwwert d'Versécherunge misst ëmgesat ginn. Mir hunn deen also am Gesetz vum 16. Abrëll net mat ëmgesat. Hei ass eng Geleeënheet fir en an dat allgemengt Gesetz iwwert d'Assurancen ëmzesetzen.

Den zweeten Deel vun dem Projet gesäit d'Ëmsetzung vun der Direktiv 2002/83 iwwert d'Liewensversécherunge vir. Dës Direktiv ass en Text coordonné vun dräi aneren europäeschen Direktiven iwwert d'Liewensversécherungen. D'Europaparlament huet vun der Koordinatioun vun deenen Texter profitéiert fir zwou Modifikatiounen unzëbréngen, eng éischt iwwert d'Confidentialité beim Austausch vun Informatiounen tëschent deenen eenzelne Länner an eng zweet Modifikatioun iwwert de Marché réglementé. Déi zwou Modifikatiounen ginn dann och mat deemem Projet an eis Gesetzgebung ëmgesat.

Eng drëtt Direktiv, déi hei ëmgesat gëtt - dat ass d'Kärstéck vun deemem Projet -, ass déi iwwert d'Realisatioun an d'Sanéierung vu Versécherungsgesellschaften, déi d'Prinzip vum der Universalitéit an der Unicitéit vun de Liquidatiounsprozedure vun den Assurancëgesellschaften etabliieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zënter der Aféierung vum Bannemaart kann all Assurancëgesellschaft aus engem EU-Land seng Servicer an all Land vun der EU ubidden, ënnert der exklusiver Kontroll vun den Autoritéite vun deem Land wou déi Gesellschaft etabliert ass. Dat huet als Corollaire, datt all Versécherungsgesellschaft d'Recht an d'Fräiheet huet säin Deckungskapital, dat heescht, déi Gidder, ënner anerem Immeublen oder Wäertpabeieren, déi d'Engagementer vun der Assurance vis-à-vis vun den Assuréeen ofsécheren, an egal wellechem Land vun der EU ze lokaliséieren.

Well de Regime vun der Exklusivitéit a vun der Kontroll vun den Autoritéite vun dem Pays siège awer nëmme fir d'Assurancëgesellschaften während hiner Aktivitéit déngt, an net am Fall vun enger Liquidatioun, wieren d'Autoritéite vun all EU-Land gezwongen am Fall vun enger Liquidatioun, dat heescht, vun enger Faillite, eng Procédure secondaire bei sech ze entaméieren, fir d'Rechter vun den Assuréeen, déi an hirem Land wunnen, ze wahren.

An deem Fall sinn d'Assurée vun deem Land wou d'Assurancëgesellschaft de Gros vun hirem Deckungskapital lokaliséiert huet, bevirdeelegt. Et kënn esouguer virkommen, datt eng Gesellschaft de Gros vun hirem Deckungskapital an deem Land ugeluecht hätt, wou se déi mannsten Assurancen ofgeschloss huet. An deem Fall géingen d'Assurée vun deem Land integral entschiedegt ginn an d'Assurée vun deenen anere Länner géingen eventuell eidel aus enger Faillite erausgoen. Fir dat ze verhënneren an all Assuré gläichermoossen ze behandelen, huet d'Direktiv de Prinzip vun der Unicitéit a vun der Universalitéit festgeluecht. Unicitéit bedeit, datt nëmme d'Autoritéit vun deem Land, an deem d'Gesellschaft etabliert ass, d'Kompetenz huet fir eng Liquidatiounsprozedur ze entaméieren. An Universalitéit bedeit, datt d'Liquidatioun, déi vun den Autoritéite vun deem Land, an deem d'Gesellschaft hire Sätz huet, gesprach gëtt an all anere Land vun der EU ouni weider Formalitéit muss unerkannt ginn.

Niewent deenen zwee Prinzipie gesäit d'Direktiv och nach vir, datt all Land de Prinzip vun dem Privileg vun den Assuréeen op Deckungskapital vun der Versécherungsgesellschaft aféiere soll. Well bei eis am Land schon zënter Joren den absolute Privileg vun den Assuréeen op dem Deckungskapital besteet, hu mer

dee Prinzip net méi brauchen ëmzesetzen. Anerersäits geet de Projet awer méi wäit wéi d'Direktiv, well en d'Prinzip vum der Unicitéit an der Universalitéit och op Drëttlänner virgesäit. An deene Fäll kënnen awer d'Lëtzeburger Autoritéiten op Ufro vun dem Commissariat aux assurances eng Procédure secondaire de liquidation entaméieren.

Här President, de Projet gesäit Detailer vun de Liquidatiounen an de Sanéierungsprozedure vir, op déi ech hei net wëll agoen. Hie lëscht eng Rei vu Situatiounen op, déi der nationaler Gesetzgebung vum Pays siège vun der Gesellschaft ënnerworfen sinn. Fir awer d'Sécherheet vun den Transaktiounen an anere Länner ze protegéieren, gesäit de Projet och eng Rei vun Ausnahmen vun de Prinzipie vir, esou zum Beispill d'Dispositiounen iwwert de Contrat de travail oder d'Réserve de propriété vum Verkeefer.

Well bei eis am Land awer de Prinzip vun dem absolute Privileg vun den Assuréeen op d'Deckungskapital vun de Versécherungsgesellschaften besteet, a fir ze verhënneren, datt auslännesch Gesetzer dese Privileg kënnen affektéieren, verbitt e Règlement grand-ducal, datt Gidder, déi mat enger Garantie oder engem Privileg behaft sinn, an en Inventar vum Deckungskapital vun enger Gesellschaft kënnen opgeholl ginn. Dofir huet de Commissariat aux assurances och en Ofkommen mat de Banken, déi Dépositaire vum Deckungskapital vu Versécherungsgesellschaften sinn, dee virgesäit, datt des Banken dem Commissariat d'Existenz vun esou Garantien, respektiv Privilegie musse signaléieren.

Här President, niewent deenen allgemengen Dispositiounen iwwert d'Liquidatioun an d'Sanéierung vun den Assurancëgesellschaften iwwerhëlt de Projet och d'Dispositiounen iwwert de Sursis de paiement an d'Liquidatioun, esouwuel déi fräiwëlleg Liquidatioun wéi och d'Liquidation judiciaire, esou wéi se am Gesetz vum 1991 scho virgesi war.

Et sief nach ze ernimmen, datt d'Direktiv déi fräiwëlleg Liquidatioun net virgesäit, déi an eisem Gesetz iwwert d'Versécherungsgesellschaften awer scho festgeluecht war.

D'Chambre de Commerce an de Statsrot hunn hiren Avis zu deemem Projet ofginn. Niewent e puer Bemerkungen, deenen d'Chamberkommissioun wäitgehend Rechnung dréit, hunn d'Chambre de Commerce an de Statsrot hiren Accord zu deemem Projet ginn.

D'Kommissioun huet majoritär dese Rapport ugeholl a schléit der Chamber vir, de Projet esou wéi e virläit ze stëmme.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. le Président.-** Als éischte Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen.

Discussion générale

■ **M. Jeannot Krecké (LSAP).-** Här President, no den Ausféierung vum Rapporteur a vu dass mer schon Identitéit de vue haten iwwert d'Approche vun der Regierung an där doter Matière, kann ech och den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

■ **M. le Président.-** Den nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

■ **M. Gusty Graas (DP).-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn et hei mat engem ganz technesche Projet ze dinn, deen awer trotzdem eng gewëssen Importenz fir e wichtige Piler vun eiser Ekonomie huet, an zwar den Assurancësektor. De Projet beweist virun allem awer och ëmmer méi, datt d'Europäesch Unioen zu engem Ganzen zesummewisst, well jo awer villes harmoniséiert gëtt. Besonnesch d'Afféiere vun